# <u>Äntwerten DP</u>

1. Aus dem *Etat des lieux des professions médicales et des professions de santé au Luxembourg* esou wéi aus dem PNSM ëmzesetzen, esou dass eng multidisziplinär Gesondheetsversuergung duerch d'Unerkennung vun de kënschtlereschen Therapieforme gestäerkt a garantéiert ka ginn?

D'DP huet an hirem Walprogramm d'Unerkennung vun der Musek- an der Zootherapie stoen, déi ville Patienten mat mentalen, awer och kierperlechen Erkrankungen hëllefe kënnen. Am selwechte Gedanken géife mir dowéinst och d'UNerkennung vun der Konschttherapie ustriewen.

2. A wat fir enger Form géif är Partei d' Punkten 10.4 aus dem *Etat des lieux des professions médicales et des professions de santé au Luxembourg*" an d' Mesure 3.1.1 aus dem *Plan National de Santé Mentale* ëmsëtzen?

D'DP géif d'Reglementatioun vun der Konschttherapie, an domadder hir Unerkennung, an Zesummenaarbecht mat de concernéierten Akteuren um Terrain ausschaffen.

3. Gedenkt är Partei d'kënschtleresch Therapien an der *nomenclature des professions de la santé* vun der CNS ophuelen ze loosen an esou dëss Therapieform Klienten/Patienten aus alle sozio-ekonomëschen Ëmfelder accessibel ze maachen?

Jo, soubal de Beruff vum Konschttherapeut reglementéiert wier, sollt och d'Nomenclature ugepasst ginn, fir all Patient gläichermoossen Accès zur Konschttherapie z'erméiglechen.